**Ried vum Här Roland Kuhn, President vun der "Fédération des Entreprises de Construction et de Génie Civil", bei Geleeënheet vun der "Fête des Entrepreneurs 2025" den 29. Januar 2025**

---

- Här Chamberspräsident Claude Wiseler,
- Madame Ministësch Yuriko Backes
- Här Minister Claude Meisch
- Madame Ministësch Martine Hansen
- Här Minister Lex Delles
- Här Minister Max Hahn
- Här Minister Gilles Roth
- Madame Ministësch Martine Deprez
- Här Minister Léon Gloden
- Madame Ministësch Stéphanie Obertin
- Här Minister Georges Mischo
- Här Minister Serge Wilmes
- Madame Ministësch Elisabeth Margue
- Här Minister Eric Thill
- Dir Dammen an Hären Deputéiert,
- Här President a Memberen vum Staatsrot,
- Dir Dammen an Hären Buergermeeschteren a Schäffen,
- Dir Dammen an Hären vun de Verwaltungen,
- Dir Dammen an Hären Architekten an Ingénieuren,
- Léif Kollegen vum Groupement des Entrepreneurs,
- Léif Eieregäscht,
- Léif Frënn vum lëtzebuerger Bau,

Präsenz vun **iech Alleguer** beweist ären **Interessi** um lëtzebuerger Bau. Dat mescht eis eng **ganz grouss** Freed, dat dir **den Owend** zou sou vill **komm** sidd.

**Haut** begréissen mir fir **d'éischte Kéier** eis **Bautenministësch**, d'Madame Yuriko Backes.

Madame Ministësch,

Wëllkomm am **Krees** vum lëtzebuerger Bau!

Dir sidd elo scho méi ewéi 1 Joer eis **Ressortministësch** a stitt viru **bedeitenden Aufgaben**, mee gléift mir: dir stitt **net** eleng do!

Mir d'Entrepreneure stinn op Ärer Säit!
Mir freeën eis ob eng **weider konstruktiv Zesummenaarbecht** mat Iech an ären Servicer, well **nëmmen zesumme** si mir staark, **an nëmmen zesummen** kënne mir **d'Intérét'en** vum Bausecteur op déi **bescht méiglech Aart a Weis** vertrieden.

Dir Dammen an Dir Hären,

Nodeems d'Kris eis **d'lescht** Joer e Stréch duerch d'Rechnung gemaach huet, ass et ménge Kolleegen Entrepreneuren a mir **haut den Owend** eng **besonnesch Freed, Iech alleguer awer erëm** op eisem **Fest begréissen ze dierfen.**

Dëst Fest **ass** a bleiwt e **priviligéierten Moment** fir eis, **Iech**, mat deenen mir all Dag zesumme schaffen, **Merci ze soen** fir déi **exzellent an agréabel Zesummenaarbecht.**

Dir Dammen an Dir Hären,

D'Zäite sinn **schwéier** fir d'Betriber an hir Mataarbechter!

Mir hun elo **daat 5.Joer** am **Krisemodus ufefaangen**: **Pandémie, Inflatioun, Krich an Europa** setzen der **Gesellschaft** a **Wirtschaft** massiv zou.

**Grouss Erausfuerderunge** sti viru **Lëtzebuerg** an **Europa**!

Elo ass et **entscheedend**, datt mir **hei am Land** de **richtege Kurs** halen a **zesumme** staark bleiwen!

Dir Dammen an Dir Hären,

Déi nei Regierung kritt virgeworf, **business-friendly** ze sinn.

Mee **genee dat** ass **déi richteg Politik:** ... **d'Kompetitivitéit** vun eise **Betriber** an den **Standuert Lëtzeburg** stäerken.

Et ass un der Zäit, e **méit entreprennerfrëndlecht Ëmfeld** ze schafen!

Mir brauchen **kompetitiv** Betriber, fir Lëtzebuerg **säin ekonomesche Succès** an **d'Aarbechtsplazen** och an Zukunft ze sécheren!

Eist **Sozialnetz** ass enk **mat** der **Arbechtsplaz verbonnen**.
De **Sozialmodell** vu **Lëtzebuerg** kann **net** ouni eng **staark Wirtschaft** bestoen!

Dir Dammen an Dir Hären,

Trotz de ville **Wolleken** um Himmel, kënne mir awer och **positiv Tendenzen** erkennen**:**

- **Fir d'Joer 2025** prognostizéiert de **Statec** e **Wuesstum** vun **2,5 Prozent**.
- **2025** sollen eis **Einnahmen** méi séier **wuessen wéi** eis **Ausgaben.**
- **D'Inflatioun** geet zréck.
- **Zënsen** ginn erof an **d'Prêt'en** méi **gënschteg**.
- Trotz **héijen Investitiounen** weist **d'Trajectoire** vun der **Staatsschold** no **ënnen.**

Dëst sinn **ob mannst encouragéiert Signaler**, déi **Hoffnung** maachen!

Dir Dammen an Dir Hären,

D'Regierung steet fir eng **ambitiéis Investitiounspolitik!**
**Dëst Joer** leien **déi ëffentlech Investitiounen** op engem **historësch** héijen Niveau vu **ronn 3,9 Milliarden Euro**.

**Et** sinn **noutwendeg** an **zukunftsorientéiert Investitiounen** fir **Lëtzebuerg** ze **moderniséieren** an ze **stäerken**!

Déi **substantiell** Investitiounen betreffen **essentiell Beräicher** wéi **Infrastrukturen**, **de Wunnengsbau, de Stroossen- a Schinnréseau** mee och **d'Energietransitioun.**

Dës **héich Budget'en** sinn fir d'**Bautenministësch** eng **gutt Noriicht fir vill néideg a wichteg Projet'en ëmzesetzen**!

Et **geet** awer net duer **Investitiounen z'annoncéieren**!

Et ass un der **Politik** an den **zoustännege Ministèren** dofir ze suergen, datt **dës Budget'en** och op de **Chantieren** verschafft ginn!

Eist **gemeinsamt Zil** muss et sinn, **d'Zäit** tëschent der **Ausschreiwung** an dem **Ufank** vun de Chantieren **däitlech** ze **verkierzen!**

Nëmmen esou kënne mir **garantéieren**, datt **eis Betriber** an dësem **erausfuerderendem Joer genuch Aarbecht** hunn fir hir **Mataarbechter** weider kennen ze beschäftegen!

Et **kann** dach **net** sinn, dat wann ech **haut** bei **enger Soumissioun** deen **Bëllegsten** sinn, et nach zirka **5 Méint** dauert bis de **Bagger** léift.

Dir Dammen an Dir Hären,

**D'Situatioun um Bau** bleift weiderhin **extrem schwiereg.** Eigentlech ass se **katastophal!**

**Manner Baugeneemegungen, manner Venten vu Wunnengen** a **manner Prêt'en** an duerfir awer **méi héich Baukäschten** an **Zënsen**, ... beschreiwen déi **ablécklech Situatioun** um lëtzebuerger **Wunnengsmaart.**

De ganze **Logementsmaart** ass **quasi** zum **Stëllstand komm!**

**D'Zuelen**, déi **d'Kris** am **Bausecteur illustréieren**, si wierklech **beonrouegend :**

- **75 % manner verkaften VEFAEN**
- **40 % manner Baugeneemegungen**
- **60 % manner Verbrauch** vu **Beton** a **50 % manner Stol**
- **50 % manner Bauschutt** op **Deponien**
  **Dofir** schwätzen mir haut net iwwer deen **därejen Dossier**, et ass awer **nach net** geléist
- **Een Drëttel** vun de **Krane** leien am **Haff**

Daat sinn **déi Kranen,** déi **Wunnengen** bauen sollten!

**2025** get een **extrem schwéiert Joer** fir **de Bausecteur**! Ech mengen et get **daat schwierest**, daat ech je matgemaat hunn ... an ech sinn schons **laang dobäi** !

Dir Dammen an dir Hären,

D'Entrepreneuren begréissen ausdrécklech, **d'Decisioun** vun der Regierung, de **Mesurepak** fir de **Wunnengsmaart** bis den **30. Juni** ze verlängeren.

- D'Eropsetze vum **Bëllegen Akt** vu **30.000 op 40.000 euros**,
- Den **neie Bëllegen Akt** fir **Investisseuren**,
- **D'Hallbéiere** vun den **Enregistrementskäschten,**
- **D'Eropsetze** vum **Taux** fir den **amortissement accéléré** bei **Mietwunnengen,**
- **Eng ugepasste Besteierung** op **d'Plus-value** bei **Verkaf, (1/4 taux)**

... si **wichteg a richteg** Schrëtt, fir **d'Kris** am **Bausecteur ofzebremsen** an dem **Secteur** eng **nei Dynamik** ze ginn**.**

Dës **Mesuren stimuléieren d'Investitiounen** an **ënnerstëtzen d'Accessibilitéit** fir **Keefer** an **Investisseuren** gläichermoossen!

Dozou gehéiert och den **ambitiéisen ëffentlechen VEFA-Opkafprogramm** vun enger halwer Milliard Euro bis 2027.

Dofir soen **mir** dem **Finanzminister Gilles Roth, mee och** der **ganzer Regierung, ausdrécklech Merci!**

Dir Dammen an Dir Hären,

**An awer** ... de **Krunn drëpst wuel** e **bësse méi séier**, ... mee e **leeft nach bei wäitem net!**

Vill Betriber hu momentan **net genuch Aarbecht!**

Fir iwwer Waasser ze bleiwen, **huelen** vill Betriber **Opträg** un, bei deene se **net** nëmme mat **"Null"** rechnen, mee **souguer** e **Verloscht akzeptéieren, just** fir hir **Mataarbechter** an der **Aarbecht ze halen a net ze verléieren!**

Dës Situatioun dréckt **d'Präisser** op en **ongesonde Niveau – katastrophal déif Präisser**, déi **d'Existenz** vu ville Betriber gefäerden!

Besonnesch an enger Zäit, wou de **Bausecteur** ënner **massivem Drock** steet, brauchen **d'Betriber fair Ausschreiwungen**!

Et ass och **d'Aufgab** vun der **Politik** e **faire Präiskampf** ze **garantéieren!**

Déi **zoustänneg Verwaltungen a Gemengen mee och d'Büroen (Architekten a Ingénieuren)** sollen **Dumpingpräisser** méi **konsequent** hannerfroen!

Si sollen **méi aktiv kontrolléieren** an **intervenéieren**, wann **onrealistesch niddreg Offeren** agereecht ginn!

Dir Dammen an Dir Hären,

Net all Patron huet **breet Schëlleren.**

Vill Betriber mussen **haart kämpfen**! **D'Reserven** vun **villen Betriber** sinn schonn **opgebraucht!**

**Wat** mir **elo brauchen**, sinn **ëffentlech Ausschreiwungen!**

**Eisen Appell riicht sech un** d'ëffentlech Hand - Staat a Gemengen - fir nach **méi Projet'en kuerzfristeg auszeschreiwen! Am Héighbau an am Déifbau!**

**D'Budget'en beim Staat** sinn do!

Et ass **elo** de **Moment fir z'investéieren**!
Et ass **elo** de **Moment** fir **Projet'en ze realiséieren**!

**Méi bëlleg** kann et **baal net** méi ginn!

Et ass elo un lech **Madame Bautenministësch** fir **d'Suen an de Grapp** ze huelen an **alles** drunn ze setzen, fir **d'Projet'en** konsequent weider ze dreiwen!

Mir kéinten zum Beispill déi **energetesch Renovatioun** vun den **ëffentlechen Gebaier** virzéien!

Dir Dammen an Dir Hären,

Vun den **60.000 Leit,** déi am **Bausecteur geschafft hunn, si** schonn **3.300 Aarbechtsplazen veluer** gaangen!
**Ouni d'Intérimairen, déi** goufen schoun virdrun **ofgebaut**!. Da sinn mir ob zirka **6.000 Léit!**

Mir waren frou, datt d'Regierung **d'Krisemesure** vun der **begrenzter Kuerzaarbecht d'lescht Joer fir 6 Méint** decidéiert haat**.**

Eng **Moossnahm**, déi gehollef huet **Aarbechtsplazen** ze **sécheren.**

Mee **d'Betriber wëllen keen** Chômage partiel, **d'Betriber** wëllen **schaffen!**

**Wann** awer **elo net genuch Aarbecht op de Marché kënnt**, ginn d'Betriber gezwongen **Kuerzaarbecht unzefroen**.

Dëst ass **net de Wee**, deen **d'Betriber wëlle goen**, mee dacks de **leschte Moyen**, **fir Aarbechtsplazen** iwwerhaapt kënnen ze **retten**.

Madame Bautenministësch,

E **puer Méint laang** konnten d'Betriber **keng Rechnung** méi fir eng **Präisadaptatioun ob Material** schreiwen.

Ee **riesegen Problem**, besonnesch well **d'Liquiditéite** vu **villen Entreprisen**, duerch **déi ugespaante wirtschaftlech Situatioun** scho staark **belaascht** sinn.

Et geet em **d'Präisrevisiounsformel**, déi zannter 2008 existéiert a keen **wierklech richteg versteet!**

Eis Entrepreneuren huet dat **net verwonnert.** Mir hun schonn 2020 eng **éischte Kéier** beim **fréieren** Bautenminister ugeklappt fir **d'Formel ze änneren.**

Den **Haaptkritikpunkt** un der **aktueller Formel bleift onverännert**: Si ass eng **sougenannt Black Box** !

**Awer d'Léisung** läit um Dësch!

Een **Aarbechtsgrupp** mat **Vertrieder** vum **Bautenministère, Bâtiments Publics**, der **Handwierkerfederatioun**, der **Handwierkskammer, dem Grouppement** an dem **OAI,** huet schonn am **August 2023** am **Konsens** eng **Propositioun**

ausgeschafft, wéi een **d'Formel** am Interessi vun allen Acteuren **reforméieren kann!**

Déi Propositioun gouf am **Juli,** dat **lescht Joer, onverständlecherweis** vum **Regierungsrot** verworf!

Dofir sinn **ech frou**, datt an **2 Deeg** eng Réunioun **tëscht** dem **Ministère** an dem **CRTI-B** stattfënnt, fir endlech **Neel mat Käpp** an dësem **wichtegen Dossier** ze maachen!

Mir brauchen eng **nei Formel**, déi souwuel **fir d'Bauhären** wéi och fir **d'Betriber verständlech** ass!
Mir brauchen eng **transparent** Formel déi vun **allen öffentlechen Bauträger** unerkannt get !

Madame Ministësch,

Ech profitéieren vun dëser Geleeënheet, fir eng **Lanz** fir **d'Aarbechten** vum **CRTI-B** ze briechen!

Et ass un der **Zäit,** dem **CRTI-B** erëm deen **Stellewert** ze ginn, deen him **zousteet!**

Den **CRTI-B** ass eng **neutral Plattform**, déi versicht **d'Intérêt'en** vun **allen Akteuren** am Bau am **Konsens** zesummenzebréngen, fir **Produktivitéit a d'Kompetitivitéit** vum Sekteur ze **stäerken**.

Eng vun den Haaptaufgaben vum CRTI-B ass et, **Standard'en** an den **Ausschréiwungsdossier'en** ze **définéieren, anzeféieren** an um **aktuelle Stand** ze halen!

En **Aarbechtsgrupp** huet an deem Sënn déi **allgemeng kontraktuell Regelen**, déi als **Basis** fir **d'Vergab** vu **Bauprojet'en** déngen**, iwwerschafft!**

Den Aarbechtsgrupp huet seng Aarbechten schonn **Ufang 2023** ofgeschloss!

**All d'Akteuren** vum Bausecteur waarden **zanter zwee Joer drop**, datt déi **nei Regelen** duerch **d'Publikatioun** vun engem **entspriechende Règlement grand-ducal verbindlech** erkläert ginn.

Eisen **kloren Appell un Iech Madame Ministësch:** Kommt, mir **finaliséieren** endlech dësen Dossier!

Dir Dammen an Dir Hären,

De **Wunnengsbau** steet ganz uewen ob der **politescher Agenda** vun der neier Regierung.

Mir **begreissen dësen Engagement** ausdrécklech!

De **Mesurepak,** deen décidéiert gouf, stellt en **éischte wichtege Schrëtt** duer, fir **d'Kris** um **Wunnengsmaart** ofzebremsen!

Mee elo geet et drëms, **strukturell Moosnamen** dobäi ze setzen.

Den **Innenminister Léon Gloden** huet ugekënnegt de **Finanzmodus** vun de **Gemengen** op **de Leescht** ze huelen.

Dëst ass eng **Initiative**, déi **dréngend néideg ass**, well vill Gemengen, **besonnesch déi kleng**, finanziell un hir Grenze stoussen.

D'Konsequenz dovun ass **fatal**: **Zousätzleche Wunnraum gëtt net méi geschaf**, well d'Gemengen einfach **net d'Moyene** hunn, déi **néideg Infrastruktur** dofir ze **finanzéieren.**

Dëst bremst **net** nëmmen **de Wunnengsbau**, mee och **d'lokal Entwécklung!**

**Subsiden,** déi **Gemengen kréien** sollen **iwwerschafft** ginn!

De Staat muss **d'Gemengen entlaaschten**, besonnesch **bei groussen Infrastrukturprojet'en**.

Et ass elo un der **Politik** fir dës Reform **entschlossen unzegoen!**

Dir Dammen an Dir Hären,

Mir sollen haut **déi richteg Grondlag schaafen,** fir datt **Wunnen zu Lëtzebuerg** fir jiddereen **méiglech** get.

**Zesummen mussen mir** méi **abordable Wunnraum** schaafen.

D'Regierung wëll **nei Weeër** goen an de **Privatsecteur méi aktiv mat abannen**. **Esou** soll **op ëffentlechen Terrain'en abordabele Wunnraum** entstoen, deen uschléissend an d'Hänn vun den **ëffentleche Promoteuren** fällt.

Da kéint een och mat engem **Modell vun PPP** emsetzen. Mir hun do **konkret Idde'en**. Doriwwer sollten mir **schwätzen!**

**Donierwend** kritt de **Staat d'Méiglechkeet, Wunnengen,** déi de **Privatsecteur** op **séngem eegene Terrain** baut, fir eng **Dauer** vun **20 Joer ze lounen amplaz** se direkt ze **kafen**.

Z**enter 2023 fehlen Dausenden vun Wunnengen**, déi **net gebaut** sinn ginn **fir** de **Wuesstum** vum Land **obrecht** ze haalen!

Mir **mussen awer** wuessen, fir eisen **Sozialsystem** kennen ze **finanzéieren.** Dofir brauchen mir **Léit ... a Wunnengen** fir se ze logéieren!

Op dëser Plaz wëll ech dem **Logementsminister Claude Meisch** e **speziellen Merci** ausdrécken fir déi **exzellent Zesummenaarbecht** a fir d'**Vertrauen,** daat hien an den **Bausecteur** an **eis Betriber** setzt!

Dir Dammen an Dir Hären,

**Lëtzebuerg** a **besonnesch** den **Bausecteur** gouf iwwert déi lescht Joerzéngte **mat gudde Leit a qualifizéierten Aarbechter** aus **Italien, Portugal** oder der **Groussregioun** verwinnt**.**

**Si** hunn mat hirem **Know-how** an hirer **Aarbechtsmoral** e **wichtege Bäitrag** zur **Entwécklung** vun **eisem Land** geleescht.

Mëttleweil ass et awer **manner attraktiv ginn**, fir op **Lëtzebuerg schaffen** ze kommen.

Dëst stellt **net** nëmmen fir de **Bausecteur**, mee fir d**éi ganz Ekonomie** eng **Erausfuerderung** duer!

Et kléngt vläicht **paradox** an dësen **schwieregen Zäiten**, **mee** vill Betriber bekloen **e markante Mangel u qualifizéiertem Personal,** wat et hinnen **schwéier mécht,** hir **Aktivitéiten** an **normalen Zaiten** an ennert **normalen Emstänn** oprechtzeerhalen!

V**ill** vun hire **Mataarbechter** wäerten an den **nächste Joren** an hir **wuelverdingte Pensioun goen,** an **d'Betriber** mussen **dëser Entwécklung** elo schons **Rechnung** droen**.**

**Fakt** ass, datt **all eenzelnen Handwierker,** deen mir an der **aktueller Kris** verléieren, eis a **besseren Zäiten** feelen wäerd.

Eng vun de wichtegste **Stellschrauwen**, un där mir onbedéngt dréinen mussen , ass **déi** vum **Logement.**

Eng **besser Wunnsituatioun** ass entscheedend, fir **Lëtzebuerg** nees **méi attraktiv** ze maachen – net nëmme fir déi **aktuell Generatioun** vun **Aarbechter**, mee och fir déi **zukünfteg.**

Dofir begréisse mir déi ganz **konstruktiv Gespréicher an de Wëllen** vum Logementsminister, fir **déi** Betriber ze

**ënnerstëtzen**, déi sech **aktiv** dorunner **bedeelegen Wunnengen** fir hir **Maraarbechter** ze schafen, ... an dat och elo an den **Aktivitéitszonen.**

Dir Dammen an dir Hären,

Dës Regierung ass ugetruede **fir méi** a **méi séier** ze bauen.

Fir dëst ze **erreechen**, huet se de **Chantier** vun der **administrativer Vereinfachung** lancéiert.

Ee **Chantier**, deen an der V**ergaangenheet** leider ze dacks **ëmfuer** ginn ass, **get elo** vun **dëser Regierung aktiv an d'Hand gehol!**.

Nom **Logementsdësch** am Februar d'lescht Joer, huet de **Premier** en **Aarbechtsgrupp** iwwert **d'Prozeduren agesat.**

An **dësem Grupp** gouf an engem **gemeinschaftleche Geescht tëscht** dem **Staat, de Gemengen** an dem **Privatsecteur** diskutéiert, fir **Weeër** ze fannen, **d'Prozeduren** ze **optimiséieren** an de **Bau vu Wunnengen** ze **beschleunegen.**

**Jiddereen** huet **säin Deel** zu dësem Prozess bäigedroen!

D'Regierung huet en **10**-**Punkten Aktiounsplang** op den **législativen Wee** bruecht**,** deen e **fundamentale Paradigmen- a Mentalitéitswiessel** an de **Logementsprozeduren** markéiert

... beim **Staat** an och bei de **Gemengen!**

Den **10-Punkten Aktiounsplang** annoncéiert **40 ganz konkret Mesuren,** fir **d'Prozeduren** am **Bau méi einfach a méi séier** ze maachen!

**Joerzéngte laang** sinn **ëmmer méi Prozeduren dropgesat ginn**.

**Fréier** haat der mer **op 10 Aarbechter 1 Administrativen**. **Haut** hun mer ob **10 Aarbechter 3 Administrativer**.

Déi **2 zousätlech** fidderen den **Papéiertigger** a brengen **keng Produktivitéit!**

Elo geet et drëms, déi **iwweflësseg Kiischte vum Kuch** erof ze huelen fir de **Bauprozess** méi **schlank, effizient** a **funktionell** ze gestalten

... oder, fir et mat de Wierder vum Ëmweltminister Serge Wilmes ze soen: *aus* ***Verhënnerungsministère sollen Gestaltungsministère ginn.***

**D'Aarbecht** awer ass nach **net fäerdeg!**

Elo gëllt et, déi **40 Puzzelstécker** an deene verschiddenen **Gesetzestexter a Reglementer** ze **verankeren,** fir dat **déi administrativ Vereinfachung** och wierklech **um Bau** ukënnt!

D'Regierung huet déi **éischt Gesetzesprojet'en** op de Wee bruecht!

Si bréngt **Beweegung** an déi **administrativ Vereinfachung** an dat stëmmt mech **zouversiichtlech!**

Ech **gleewen** drun, dat **mir Entrepreneuren** an der Zukunft dann **endlech am Bauperimeter** bauen kënnen!

Dir Dammen an Dir Hären,

**D'Chamber** huet virun enger Woch **unanime** eng **Motioun** ugeholl, fir datt **d'Gewerkschafte weiderhin d'Exklusivrecht** bei de **Kollektivverträg** behalen.

**D'Fro déi** awer **bléiwt,** ass **déi wéi** mir an der **Zukunft** schaffen?

**D'Aarbechtsrecht vun haut** gëtt der **aktueller Realitéit** um Terrain **net** méi gerecht!

**D'Leit** an **d'Betriber** wëllen a brauchen, haut eng **nei Aarbechtsorganisatioun.**

Den **eenheetlechen Modell** founktionnéiert **net méi!**

**Waat** béi deem engem **Betrib funktionnéiert**, funktionéiert **net** onbedéngt och béi **engem aneren**.

**Kollektivverträg** kënnen **net** bis an de **leschten Détail** alles **regelen !**

D'Betriber kënnen **net** mat engem **Businessmodell** vun de **Gewerkschaften** averstane sinn, wou den **Droit du Travail** all **néideg Flexibilitéit** erstéckt!

Eng **Flexibiliséierung** vun der **Schaffzäit** soll direkt an de **Betriber, zesummen mat de Mataarbechter**, entwéckelt an ëmgesaat ginn !

Am Bau heescht **dat** ganz **einfach** a **konkret**:

Bei guddem Wieder **méi** a bei schlechtem Wieder **manner** schaffen!

Dir Dammen an Dir Hären,

Den **Marco Boly**, **Direkter** vun der **Gewerbeinspektioun** ass enttäuscht a veriergert, datt **d'ITM** reprochéiert kritt *ze **streng** oder ze **agressiv** ze kontrolléieren.*

Gewerbeinspektioun **wier** vun engem **zahnlosen Papéiertiger** zu engem **Wadenbeisser** mutéiert, ... a hätt elo **Tollwut** !

**2018** hun ech **op dëser Plaz** gesoot, datt d'ITM hiert **d'Bescht** mécht fir géint déi **onfair Konkurrenz** virzegoen ... mee ech hun och **betount,** datt et um **Terrain** nach ëmmer un de **néidegen Kontrollen** feelt!

Dofir soen ech **haut op dëser Plaz** der ITM an **hirem** Direkter **e grousse Merci** fir déi **massiv Kontrollen**, déi all Joer am **Beräich** vum **Détachement gemaat** ginn! Si sinn **néideg**, **fir** géint **Sozial- a Präisdumping** virzegoen.

De Punkt, deen **awer** zur **Diskussioun** steet, ass de **preventive Rôle** vun der ITM.

D'ITM soll méi **opklären** a **sensibiliséieren**, an dann, **wann néideg**, **sanktionnéieren.**

D'ITM kéint beispillsweis am **enke Kontakt** mat de **Responsabelen** aus den **Betriber, nach méi aktiv** op de **Chantieren** no **pragmatesche Léisunge** sichen **an esou** e **positiven Dialog** förderen.

Et wär sécherlech avantagéis fir **all d'Partei'e**n, wann d'ITM e **Sanktiounskatalog** mat **kloren** an **eenheetleche Kritären** hätt.

Et wier och **sënnvoll**, wann d'ITM bei hirer Interventioun **méi cibléiert** giff virgoen, a **net direkt** de **ganze Chantier** géif zoumaachen.

Kommt mir setzen eis zesummen, op eis **typesch lëtzebuergesch Art a Wéis,** fir **fair Aarbechtskonditiounen** an **héich Sécherheet** op de **Chantieren** ze **garantéieren** a **ginn** dobäi dem **preventiven Rôle** vun der ITM eng **méi grouss Bedeitung!**

Dir Dammen an Dir Hären,

Déi **vill Krankmeldungen** an de Betriber sinn e **risege Problem**!

Mir mussen nees op e **verstännegen Niveau** beim **Krankheetstand** kommen **ouni**, ... an **dat** wëll ech **betounen**, déi **Leit** ze viséieren, déi **wirklech krank** sinn!

Mir a vill vun Iech **heibannen** stinn fir ee **gerechte System!**

Haut sinn déi **Eierlech** déi **Domm!**

Bei **falschen Krankmeldungen** sinn de **Betriber** d'Hänn gebonnen!

**Betriber** brauchen **onbedingt** déi **néideg Ënnerstëtzung** vun den **zoustännegen Autoritéiten** a **Kontrollinstanzen,** fir géint de **Krankheetscongé** virzegoen!

**D'Regierung** huet **net méi spät ewéi** de **leschten Fréiden** ukegennegt **kee Karenzdag** azeféieren, … esou ewéi **d'Handwierkerfederatioun et** mat **Nodrock** gefuerdert huet.

Mir nennen daat **Participatioun,** genau esou wéi **Betriber** och eng **Participatioun** vun **20 %** hun.

E **Arbechtsgrupp** mat **Vertrieder** vun **CNS, Contrôle médical, Patronat** a **Gewerkschaften** soll sech dem **Problem** vum **Absenteismus** unhuelen.

**D’Erkenntnis** vun der **Gesondheetskeess**, dat **kuerz Krankeschäiner** zougeholl hun a tendenziell **méi Léit Méindes feelen** ass **do!**

De **Collège médical** huet **zejoert am März** schonn festgestallt, dat **Gefällegkeetscertificate zou huelen !**

Madame Ministesch,

Et gëtt **keen Zweifel,** datt den **Absentéismus e reelle Problem ass**.

Et heescht **Mëssbrauch kloer** ze **identifizéieren** an direkt dorop ze **reagéieren!**

Mir sinn frou ze héieren, dat **dëss Regierung** den Dossier vum **abusiven** Absentéismus **endlech** well **ugoen** a de **Patron** net **méi ganz alleng** mam **Dossier** geloos get!

**D’Patronat** wärd **sech selbstverständlech** am **Arbechtsgrupp aktiv** mat abrengen …a **Léisungsvirschléi** proposéieren.

Dozou gehéiert beispillswéis **d’Aféierung** vum **digitalen Krankenschäin !**

Dir Dammen a dir Hären,

Loosst mech, ewéi gewinnt, schléissen mat engem **grousse Merci:**

- un Iech alleguer, wéi der hei sidd,
- un eis Donateuren, déi eis wéi ëmmer generéis ënnerstëtzen,

- un d’Equipe vun der Federatioun, déi dat Fest hei organiséiert,
- an un eis Käch an hiert d’Personal.

Dir Dammen an Dir Hären,

Den **Erfolleg** vum **Modell Lëtzebuerg** ass **keng Selbstverständlechkeet !**

Eise **Wuelstand** ass **keng Selbstverständlechkeet!**

**D’Politik** muss sech erem fir **déi wirtschaftlech** a **finanziell Fundamenter** vun eiser **Ekonomie** intresséieren.

**D’Politik** muss **d’Fundamenter schafen,** fir datt **d’Betriber** kënne **fonktionnéieren!**

**All Betrib** begréisst sécherlech **d'Hëllefsmesuren**, déi vun **der leschter** an **dëser Regierung** decidéiert goufen.

**Kee Betrib** kann awer **dauerhaft nëmme** vun **Hëllefen** liewen.

**D’Betriber** wëllen erëm **an** eng **normal Situatioun** kommen**,** wou se **keng staatlech Ënnerstëtzung** brauchen!

**Fundamenter schafen** fir **d’Baubranche**, dat heescht **näischt aaneres** ewéi **Aarbechten** iwwer **ëffentlech Soumissiounen** op de **Marché** bréngen!
Staat a Gemengen sollen **ausschreiwen, ausschreiwen** a **nach eng Kéier ausschreiwen!**

Dir Dammen an Dir Hären,

**D'Zukunft** ass **net fixéiert** an se ass **net virbestëmmt!**

D'Zukunft **geschitt net**, mir **schaafen** se!

Et heescht **Decisiounen** mat **Bléck op d'Zukunft** huelen!

Dobäi brauch et eng gutt Portioun **Entrepreneursgeescht!**

Et bleift mir, a méngem an am Numm vun der Federatioun vun den Entrepreneuren, Iech an Äre Famillen, **ee gesond a glécklecht Joer 2025** an nach ee flotten Owend op eisem Fest ze wënschen.

**An zu gudder Lescht wäerte mir och dëst Joer erëm um 01.00 Auer Schluss maachen, fir datt dir alleguer gesond a monter heemkommt. Merci villmools fir d'Nolauschteren!**